



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

1

Rapport vun der Sëtzung vum 19. August 2019

Présents : MM: JUNGELS Henri, HEIDERSCHEID Dan, DIDIER Lucien, JUNGBLUTH Fredy, BERGER Arsène, TREIS Laurent, GILLES Joël, MORANG Misch, KEISER Claude, Mme MORIS Laurence.
M. SPAUTZ Richard, entre en séance vers 21.25 heures

Excusés: M. HEIDERSCHEID Dan,

1. Courrier.

- Et gëtt drop opmierksam gemaach, datt déi nei ARALSkaarten an eisen Autoë leien.
- Lettrages GRILLO, Rendez-vous fir den Drock vun den Handziedelen fir eise Cross de 5. Oktober.
- Affichen déi laanscht d'Stroossen kommen déi op Miersch féieren (6 Plazen). Vum Sekretariat as do keng Autorisatioun ugefrot gin. D'Lescht Joer war vun der Mierscher Gemeng ugefrot gin fir d'Calicotën iwwert d'Stroossen ze hänken.
- Präis pro Affiche: 453,96€. Dimensiounen: 1,65x1,10 m.
- De Sekretär bekëmmert séch em d'Opstellung vun der Invitéierte Lëscht vun eiser Agape den 20. September zu Käerjeng an der Béierhaascht.

2. Cyclo-Cross zu Miersch (Krouneberg) de 5. Oktober.

- D'Lëscht vun der Jury as komplett an as un d'Juryskommissioun an un déi verschidde Leit aus eiser Jury verschéckt gin.
- D'Laurence Moris deelt eis mat, datt hat de 5. Oktober net kann hëllefen well hat do net disponibel wär.
- De Misch Morang bekëmmert séch em d'Handgelenkbännercher fir d'Entrée (TYVEC).
- Déi selwescht Bännercher géifen dann, an enger besserer Qualitéit a faarweg, fir d'Championnater am CX (um Kalenner vun der FSCL den 12. Oktober) bestalt gin mat verschiddenen Texter:
 - Fir d'Visiteurs;
 - Fir d'VIP
- Et get eng Zouleedung fir d'Dränkwaasser fir eis verschidden lesszelter iwwer de Portal vun der Arrivée verluecht.
- Et as vum Lucien Didier gesot gin, datt mir nach 300 Meter zousätzlech Barriären musse bestellen an dat och fir d'Championnater am CX. Dat as mëndlech un den Techniker vun der Mierscher Gemeng vum Här Jungels weidergeleet gin.
- Den Här Holzmacher (?) gët gefrot fir nom Cross vum 5. Oktober d'Potoën an de Wisen a ronderëm d'Schwämm solle stoe gelooss gin bis no de Championnater am Januar.

3. Sponsoren (Kontrakter).

- Et as festgestalt gin, datt nach verschidde gréisser Sponsoren fir op eis nei Uniformen nach fehlen. Et gëtt mol nogefrot bei der Firma Loeffler, bei engem Usträicher (?), bei de Reesagenturen SALES-LENTZ, WEBER, a FLAMMANG, an och bei der Brauerei Bofferding.
 - N.B. Op den Trikotën vun de Coureuren däerfe keng Publicitéiten mat Alkohol oder Tubak kommen. Dat as viru méi wéi 20 Joer vum Sportsministère octroyéiert gin.
- D'Laurence Moris freet ee Rendez-vous beim Garage THOMMES fir d'Ariichtung vun eiser neier Camionnette. Proposéiert gouf den 2. September. Matgoen sollen do de Misch Morang, den Dan Heiderscheid an de Joël Gilles.

4. Indoor Cycling.

- D'Aschreiwungen mat de Reservatiounen vum Spinning an de Spaghettiën kënnen **nëmmen** elektronesch iwwer eisen Internet Site gemaach gin.
- De Claude Keiser bekëmmert séch, wéi déi Joere virdrun, ëm d'Calicotën fir an a ronderëm der Sportshall.
- Verschidde Couponën misste gemaach gin fir d'Spinningvéloën, d'Spaghettiën an d'VIP.

5. Divers.

- D'Laurence Moris deelt eis mat, datt mir eng Equipe fir de Critérium des Jeunes ugemellt hun :
 - MORANG Mil, GIAMPAOLO Matteo ; JUNG Steven ; GILLES Max ; a MICHOTTE Nils (VW).
- D'Gemeng Dippech huet eis déi 5.000,00€ iwwerwisen fi reis Coursen am Mee.
- De Fredy Jungbluth huet den LBR agereecht.
- Eise Kärcher muss fir um 1. Cyclo-Cross (29. September zu Brouch) an d'Revisioun. De Joël Gilles bekëmmert séch dorëm.
- De Lucien Didier setzt séch mam Joël Gilles a Kontakt fir ze froen op ee vu séngen Aarbechter déi Missioun vum Kärcher an de Materialposten fir dës Crosssaison wëllt iwwerhuelen. Selbstverständlech géint Bezuelung.
- Déi 2 Gasheizungen, déi an eisem Garage stin, mussen iwwerhol gin, an datt se dann funktionsfäheg sin bei eise Championnater am CX am Januar.
- Déi rechts Viischtdier vum LAGUNA muss elo am September reparéiert gin.

Ëm 22:15 Auer war d'Réunioun eriwwer.

Eis nächste Sëtzung as e

Méindeg, den 23. September ëm 19 :00 Auer zu Dippech.



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

3

Dagesuerdnung vum 23. September ëm 19:00 Auer.

1. Courier.
2. Grill zu Käerjeng am CACTUS de Weekend vum 27. an 28. September.
3. Cyclo-Cross Samschdës de 5. Oktober um Krounebiërg zu Miersch.
4. Bestellungen vun eise neie Gefierer Renault LAGUNA a Renaults Camionnette.
5. Transfertën vun de Lizenzéierten.
6. Indoor Cycling de 16. November zu Miersch an der Sportshall. Aktivatioun vun eisen « online » Aschreiwungen, asw.
7. Kalenner vun eise nächsten Manifestatiounen.
8. Championnater CX am Januar (Samschdës, den 11. Januar 2020).
9. Miscellaneous.